De Grupperot

Zesummesetzung

"De Gruppechef/taine, de Gruppechef/taine adjoint(e), den Aumônier, d'Animateurs spirituels, d'Branchechef/tainen, d'Stagiairen, de Sekretär an den Trésorier sin zesummen de Grupperot." (Statuten Art. 3.4)

Mataarbechter am Grupp, Vertrieder vun den Elteren, vun de fréiere Guiden a Scouten oder vu Frënn gehéieren also d'office nët zum Grupperot. Si kënnen awer duerchaus an déi Reuniounen invitéiert gin, wou iwwer Saache geschwat gët, déi si besonnesch betreffen.

Roll

Statuten Art. 3.4: De Grupperot vertrëtt de Guidissem/Scoutissem an der Uertschaft, Par resp. Géigend a setzt sech a fir Wäerter, déi an de Statute vum Verband enthale sin.

De Grupperot suergt fir

** d'Organisatioun an d'Ledung vum Grupp an d'Animatioun vum Guidissem a Scoutissem op lokalem Plang no de Statuten, de Reglementer an den Direktive vu der Verbandsledung;*

Am Hierscht leet de Grupperot séng Objektiver fir dat Guide/Scoutsjoer fest a stellt de Joresprogramm op. (Kuck d'Kapitel "Joresprogramm vum Grupp".) Hie kuckt dobäi och no dem Thema, dat de Verband sech eventuell als Schwéierpunkt gin huet.

** d'Coordinatioun vun de Programmer an den eenzelne Branchenunitéiten;*

D'Chef/tainë vun de Branchen tauschen am Grupperot aus, wat si mat hirer Branche plangen resp. scho realiséiert hun. Dobäi kënnen déi aner Chef/tainen zousätzlech Iddië bäisteieren. Deen een ënnerstëtzt a motivéiert den aneren. De Grupperot mierkt, ob eng Continuitéit an eng gutt Steigerung vun den Ufuerderungen duerch d'Branchë geet, an e kann déi eenzel Aktivitéiten zäitlech, raimlech, vum Material a vum Encadrement hir coordinéieren. Och Problemer vun den Unitéiten oder vun eenzelne Membere kommen zur Sprooch, an all Chef/taine kritt eppes mat vun der Method an den Aktivitéite vun anere Branchen.

** de Rekrutement vu Memberen an den Nowues vu Cheftainen a Chef;*

Kuck heizou d'Kapitelen "Wéi fënnt de Grupp nei Memberen?" a "Chef/taine sin".

Munechmol kann e Chefmangel deelweis doduerch behuewe gin, datt ee Chef oder eng Cheftaine an eng aner Branche iwwerwiesselt. Dëst as dene Chef/tainë wäermstens ze recommandéieren, déi scho ganz laang (6 Joer a méi) an där selwechter Branche aktiv sin.

Wann een als Gruppechef/taine (GC) nei ufänkt, as et immens wichteg, datt hien oder hatt vu jidfer Chef/taine acceptéiert an ënnerstëtzt gët. Doriwwer soll ee schwätzen, an dueropshin déi entspriechend Demande fir d'Formatioun resp. d'Ernennung ënnerschreiwen.

Eng gutt Viraussetzung fir den Nowues vu Chef/tainen as eng flott Ambiance am Grupperot, wou jiddereen sech wuelfillt a gär hikënnt. Gebuurtsdags-, Ernennungs- oder aner Feieren, gemittlech Owender a Sortiën droen duerzou bäi.

** d'Matmaache bei der Verbandsformatioun vu sénge Cheftainen a Chef;*

D'Invitatioune fir Formatiounsaktivitéite vum Verband gi regelméisseg am Grupperot duerchgeholl: een encouragéiert den aneren, et fiert een zesummen dohinner, all Chef/taine weess wann e Kolleg e Formatiounscamp matmécht. De GC ënnerschreift d'Umeldunge fir d'Formatioun an d'Demandë fir d'Ernennungen. Fir d'Formatioun an d'Ernennung vum GC oder GC-adjoint ënnerschreiwen all ernannte Chef/tainë vum Grupp.

Wie vun engem Formatiounsstage erëmkënnt, mécht dem Grupperot doriwwer e klenge mëndleche Rapport. (Kuck och d'Kapitel "Chef/tainen an hirer Formatioun begleden")

** en Deel vun der perséinlecher Formatioun vun de Cheftainen a Chef;*

De Grupperot as den ideale Kader fir d'Participatioun ze léieren: all Chef/tainë kënne mat diskutéieren, mat plangen, mat decidéieren a mat responsabel sin. D'Zesummeschaffe vu Fraen a Männer, hiirt kooperativt a partnerschaftlecht Verhale gin am Grupperot gelieft. Et misst e Modell sin fir d'Chef/tainen aus de Branchen.

Am Grupperot léiert een, anerer ze verstoen, duerch eng gutt Kommunikatioun, Offenheet a Vertrauen, duerch Unerkennung vum Eenzelnen, sief en och vill méi jonk oder vill méi al.

An de Reunioune gët eng Zäit reservéiert fir d'Meditatioun, d'Gebiet an/oder d'Diskussioun iwwer en aktuellt Thema. Firwat nët emol e Spezialist erunzéien fir eng nei Technik ze léieren oder iwwer e bestëmmt Thema ze schwätzen?

** de Kontakt mat de lokalen Autoritéiten an Awunner;*

Démarchë bei der Gemeng, d'Matmaache vum Grupp bei lokale Fester (z.B. Nationalfeierdag, Commemoratiounsdag, Prëssioun, Parbazar ...) an d'Vertriedung vum Grupp a lokale Gremien (Parrot, Jugendkommissioun...) gin am Grupperot besprach.

** de Kontakt mat dem Verband a sénger Ledung;*

De Grupperot organiséiert séng Participatioun u Verbandsaktivitéiten, wéi Kongress, Chefdag, Formatioun, Fester etc.

Firwat nët eng Kéier duerch de "Contact" (Chefzäitschrëft) bliederen an der Zentral e "feed-back" gin?

** de Kontakt mat den Elteren a mat fréiere Guiden a Scouten;*

De Grupperot hëlleft, Méiglechketen ze schafe wou d'Chef/tainen d'Eltere vun de Kanner a Jugendlechen aus hirer Unitéit kenneléieren, a wou och d'Elteren de Grupp kenneléieren.

Kuck och d'Kapitel "Kontakt mat Elteren".

** déi néideg materiell, finanziell an infrastrukturméisseg Viraussetzunge fir d'Aktivitéite vun de Branchen;*

Et geet nët duer, Zelter a Material ze kafen; grad esou wichteg as et, dëst Material gutt ze stockéieren an uerdentlech z'ënnerhalen. De Grupperot muss wuel dëse Beräich am A behalen, mee et as vu Virdeel wann den Ënnerhalt entweder vun erwuessene Mataarbechter erledegt gët oder vun de CaraPio- a RaRo-Unitéiten, déi et regelméisseg benotzen.

** d'Gestioun vun de finanzielle Mëttelen an dem materielle Besëtz an d'Opstelle vun de Joreskonten an dem Joresbudget vum Grupp.*

De Grupperot passt op, datt iwwer d'Finanze vum Grupp uerdentlech Buch geféiert gët, datt d'Finanzjoer op dem geneën Datum ofgeschloss gët, an datt Keessreviseuren hir Kontroll maachen an d'Bicher ënnerschreiwen.

Aarbechtsweis

* De Grupperot soll regelméisseg zesummekommen, wa méiglech eemol am Mount. Bei dene villen Ufuerderungen, déi un de Grupperot gestallt gin, as et gutt wann en niewent denen normale Sëtzungen nach ausser der Rei zesumme kënnt, z.B. fir een Nomëtteg, een Dag oder e Weekend. Do huet e méi Zäit fir

  - e Programm oder eng Aktivitéit grëndlech virzebereden,
  - Chefformatioun ze maachen,
  - sech besser kennenzeléieren,
  - gemittlech zesummen ze sin.

* D'Plaz, wou de Grupperot zesummekënnt, as agreabel a regt zu konstruktiver Aarbecht un: e flott Zëmmer, hell, gehëtzt, opgeraumt a propper. Eng Schreiftafel (Flipchart) ka gutt Déngschter leeschten. De GC hëlt anuecht, a watfir enger Verfassong d'Memberen dohi kommen. Duerzou en Zitat vum Heiner Katz:

"Wann wächst das Korn? - Für viele Leiter ist der 'Job' in Trupp, Roverrunde oder Meute doch ziemlich anfordernd; oft gerade nur so 'durchzustehen', wenn man ihn mit den beruflichen, studienbedingten und familiären Belastungen zusammen sieht. Sicher, es gibt auch andere Phasen, aber oft ist dies die unentrinnbare Realität. Dann verträgt man als Leiter, der zur Stammesrunde (Grupperot) kommt, eins ganz bestimmt nicht: neuen Stress! Bevor da irgend welche 'Sachen' in die Gänge kommen, müssen die Menschen etwas von diesem Treffen haben, die sich ansonsten in ihren Gruppen (Unitéiten) wahrlich nicht lumpen lassen. Das heißt: die Leiterrunde muss so etwas wie eine Oase werden, wo Ankommen, Empfangenwerden, Aufatmen, Lasten-Abwerfen, Auftanken und 'Erfrischen' sozusagen von Natur aus möglich ist. Persönliche Bedürfnisse und menschliche Erwartungen wie Sich-Mitteilen, Auf-neue-Gedanken-Kommen, Rückhalt-und Freundschaft-Erfahren - sie alle suchen hier ihren Ort und ihre Antwort. Erst wenn hierfür Boden vorhanden und auch bereitet ist, wächst in der Leiterrunde das Korn." (Leiterrunde: die unerkannte Chance? in "Entwürfe" DPSG)

* Jidfer Member kritt am viraus den Ordre du jour vun der Reunioun matgedeelt. Dësen Ordre du jour gouf eventuell an där viregter Reunioun scho festgeluegt, oder de/d'Gruppechef/taine huet e mat séngem Adjoint an/oder engem anere Chef/taine opgestallt.

* De Grupperot ka mat enger Meditatioun ufänken. Duerno gët eventuell de Rapport vun der leschter Reunioun virgelies a gekuckt, ob d'Decisiounen an d'Realitéit ëmgesat gin.

* De GC ka gelegentlech en/g aner/e Chef/taine froë fir d'Reunioun ze leden. Rotschléi a Methodë fir Diskussiounen ze organiséieren an ze lede fënnt een a gudde Bicher an och hei am Kapitel "Diskussiounsmethoden".

* De GC (oder dee Chef/taine, deen d'Reunioun leet) huet déi eenzel Punkte virbereet: Informatioune sammelen, eventuell Ënnerlage copéieren, Froen a Virschléi kloer formuléieren. Hie passt op, datt de Grupperot sech nët ze laang mat Klengegketen ophält. Hie suergt derfir, datt d'Decisiounen eendeiteg festgehal gin (um Flipchart oder an engem schréftleche Rapport).

* De Grupperot hëlt all wichteg Decisiounen am Grupp. Et as awer derwäert, emol driwwer nozedenken, wéi eis RaRo, eis CaraPio, eis AvEx, jo souguer eis WiWël och kënnen e Matsproochrecht am Grupp kréien.